CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS

Direction générale

Luxembourg, le 17 décembre 2025

Un all operationell Pompjeeën an administrativ Mataarbechter vum CGDIS via

Chefs de département,
Chefs CIS & adjoints,
Chefs GIS & adjoints,
Chefs de base SAMU & adjoints,
den CSU-112.

Référence : NDS_DGE_20250046
Affaire suivie par : DGE/DAF

**Objet : Promotion du sport au sein du CGDIS 2026**

Den CGDIS huet et sech zum Zil gesat, d'kierperlech Fitness a Gesondheet vu sengen operationelle Pompjeeën an administrative Mataarbechter ze ënnerstëtzen. Dofir bitt de CGDIS weiderhi senge Memberen un d'« frais d'inscription » vu vereenzelte Sportsmanifestatiounen ze iwwerhuelen.

D'Offer ass par rapport zum leschte Joer liicht adaptéiert ginn. Dat en Funktioun vum Taux de Participation un de jeeweileg Manifestatiounen.

**An der Annexe fannt dir eng Lëscht mat all den eligibele Sportsmanifestatioune fir d'Joer 2026.**

## Wien ka vun dëser Offer profitéieren?

Dës Offer ass fir follgend Member vum CGDIS zougänglech:

- operationell Pompjeeën (fräiwëlleg oder haaptberufflech);
- administratiivt an techenscht Personal.

Zil ass weiderhi fir jidderengem, fir all Fitness-Niveau an an all Zone de Secours, eppes ze bidden.

## Wéi kënnt dir e Remboursement ufroen?

Nodeems dir Iech selwer fir déi ausgewielte Sportsmanifestatioun ugemellt hutt, d'« frais d'inscription » bezuelt hutt an um Event deelgeholl hutt, kënnt dir e Remboursement iwwert « Dynaforms – Frais généraux » ufroen. Dës Demande muss, spéitstens 1 Mount no der Manifestatioun eragereecht ginn.

Wann bei der Umeldung de Numm vun engem Veräi gefrot gëtt muss « CGDIS » renseignéiert ginn. Memberen déi fir een anere Veräin oder Club deelhuelen, wäerten hier Käschten net rembourséiert kréien.

Corps grand-ducal d'incendie et de secours
3, boulevard de Kockelscheuer L-1821 Luxembourg · Tél. +352 49771 2010 · dge@cgdis.lu · www.cgdis.lu
Établissement public · R.C.S. LUXEMBOURG J64 · Matricule national : 2018 52 000 36

Bei der Demande musst dir e Beleeg bäifüge vun den « frais d'inscriptions », déi dir bezuelt hutt an och e Beleeg vun der Participatioun vum Event (z.B. Är Zäit vun der Laf oder Vëlo Manifestatiounen oder d' Rekapitulatif-Rechnung vun de Marches populaires).

Doduerch dass de Budget vum CGDIS fir de Remboursement vun den Umeldungskäschten limitéiert ass, wäerten ab 2026 follgend Reegele gëllen:

- nëmmen de Montant vun de fréien Umeldungen (early booking) gëtt iwwerholl. Wann ee sech mei spéit oder sur Place umellt an dowéinst d'Aschreiwungskäschten méi héich ausfalen gëtt nëmmen de Betrag vum "early booking" rembourséiert.
- pro Persoun ginn e Maximum vun 3 Inscriptioune pro Joer rembourséiert.
- Falls am Laf vun der Sportssaison 2026 den dédieierte Budgetsposten komplett ausgenotzt sollt sinn, fanne keng weider Remboursementer statt.

Vergiesst och net am Betreff: **Manifestation « Numm vum Event »** unzeginn.

**N.B. Et wäert nëmmen de Remboursement vun de « frais d'inscription » iwwerholl ginn a keng frais annexes wéi z.B Iessen a Gedrénks, Parking asw.**

**Wann een sech bei enger Sportsmanifestatioun mam CGDIS als Veräin/Mannschaft umellt, muss d' Equipe ausschliisslech aus CGDIS-Agenten bestoen, fir berechtegt ze sinn op e Remboursement.**

**Als Lescht ass et eis wichteg ee Rappel ze maachen dat ee Participant deen am Numm vum CGDIS deelhëllt och de Corps representéiert a bei engem Noutfall wärend der Course 1 Hëllef leeschte muss.**

## Dir hutt weider Froen?

Bei weidere Froen kënnt dir iech un dge@cgdis.lu wenden.

De Chef de corps

Paul Schroeder
Generaldirekter

**Corps grand-ducal d'incendie et de secours**
3, boulevard de Kockelscheuer L-1821 Luxembourg · Tél. +362 49771 2010 · dge@cgdis.lu · www.cgdis.lu
Établissement public · R.C.S. LUXEMBOURG J64 · Matricule national : 2018 52 000 36

## ANNEXE – Liste des manifestations sportives prises en charge pour l'année 2026

| Date | Événement | Distance (km) | Type d'inscription | Zone de secours |
|---|---|---|---|---|
| | | **Course à pied** | | |
| 01.03 | CGDIS Run | 5; 10<br>1 et 2 pour enfants | individuelle | Centre (CNIS) |
| 08.03. | Postlaf | 10 | individuelle | Centre |
| 15.03. | Foyer Nordstadlaf | 5, 10 et 21 | individuelle | Nord |
| 19.04. | DKV Urban Trail | Team ; 14 ;18 ;27 ; 34 | individuelle | Centre |
| 09.05. | Mondorf Spiridon Run | 5 ; 10 | individuelle | Est |
| 16.05 | ING Marathon | Team ; 10 ; 21 ; 42 | individuelle | Centre |
| 13.06 | Widdebierglaf | 5,5 ; 10 | individuelle | Est |
| 19.06. | GIO Spiridon run | 5,5 ; 10 | individuelle | Centre |
| 15.08. | Äischdall Trail | 6 ; 11 ; 21 ; 42 | individuelle | Nord |
| 05.09. | Sudstroum Escher Kulturlaf | Team ; 5 ; 10, 16, 21 | individuelle | Sud |
| 27.09. | ING Route du vin | Team ; 5 ; 10 ; 21 | individuelle | Est |
| 04.10. | Walfer Vollekslaf | 5,4 ; 12 | individuelle | Centre |
| Mi-octobre | AGORA Red Rock Challenge | 10,5 ; 19,2 ; 29 | individuelle | Sud |
| 15.11. | Trail Uewersauer | 10 ; 21 ; 33 ; 57 | individuelle | Nord |
| | | **Marche à pied** | | |
| 30.-31.05 | Marche de l'Armée | 10 ; 20 ; 40 | individuelle | Nord |
| Annuel | Marche populaire | | individuelle | National |
| | | **Cyclisme** | | |
| 23.05 | Pompjeesrandonnée | | individuelle | Est |
| 30.05 | Schleck Gran Fondo | 87 ; 159 | individuelle | Est |
| | | **Spinning** | | |
| Octobre | Journée Du Don d'organe | 1 heure | sur inscription après communication ultérieure | Centre |